N°3596
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Asyl weiderzeleeden.**

Den Office national de l'accueil (ONA) greift op privat Transportentreprisen zeréck, fir Asyldemandeurs d'asyle a BPIen hei am Land tëschent de Flüchtlingsfoyeren, Geriichter a Verwaltungen ze transportéieren. Den ONA huet d'Petitiounskommissioun informéiert, dass et heizou eng ëffentlech Ausschreiwung (Marché public) gouf mam Numm « Service de transport professionnel de personnes par route pour le compte de l'Office national de l'accueil ».

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ënnert wéi enge(n) Referenznummer(en) ass dës Ausschreiwung um Portail vun de Marché publics ze fannen?
2. Wéi eng Firma/Firmen kruten den ëffentlechen Optrag?
3. Wat ass de Budget vun dëser Ausschreiwung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés